

## Débat de consultation sur la nationalité

-Discours Gilles Roth (CSV), 31.1.2013-

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Den internationalen Gerichtshaff definéiert 1955 an sengem bekannten Urteel Nottebohm d'Nationalitéit folgendermossen : «...*la nationalité est un lien juridique ayant à sa base un fait social de rattachement, une solidarité effective d'existence, d'intérêts, de sentiments jointe à une réciprocité de droits et de devoirs....*»<sup>1</sup>.

D'Nationalitéit ass demno fir d'aller éischt emol eng Gefillssaach.

D'Nationalitéit berouht op 4 Grondelementer:

- een Gefill zu engem méi groussen Grupp vun Leit an och zu engem Land ze gehéieren ;
- gemeinsam Intérêten;
- eng Solidaritéit déi sech dorausser ergëtt ;
- an doduerch och gemeinsam Rechter an Pflichten.

D'Nationalitéit déi per Gesetz definéiert gëtt, ass an sech nëmmen den juristeschen Ausdrock vun enger sentimentaler Bindung vun den Leit un hiert Land.

Här President,

Wann een wëllt d'Konditiounen fir d'Nationalitéit ze kréien gesetzlech ëmfaassen, dann kann een dat net lassgeléisst kucken vun der Geschicht vun engem Land, vun sengem Vollek.

An dat zielt besonnesch am Fall vun eisem Land.

Déi sentimental Bindung, d'Zesummegehéieregkeetgefill oder fir et op den Punkt ze bréngen, d'national Identitéit, d' Bewosstsinn een Vollek vun engem Staat ze sinn, gëtt et nach net esou laang hei zu Lëtzebuerg.

Den Historiker Gilbert Trausch huet eng Kéier Lëtzebuerg als « État malgré lui » beschriwwen.

Erlabt mer duerfir op een puer Eckdaten vun eisem Land zréck ze kommen.

Eisem Land seng Grenzen an d'Zesammensetzung vum Vollek dat drop leeft, hunn an der Geschicht permanent geännert.

1364-Herrschaft vum Wenceslas dem I.-Lëtzebuerg hat een Gebitt vum 10.000 km<sup>2</sup> , véiermol méi grouss wéi haut.

---

<sup>1</sup> Cour internationale de justice (C.I.J.), Affaire *Nottebohm* (Liechtenstein c. Guatemala), 6 avril 1955.

1659-Traité vun den Pyrenäen: en Deel vun eisem Territoire, ëm Thionville, geht un Frankräich.

1815- Wiener Kongress, den östlechen Deel déiséits der Musel an der Our bis op Bitburg gëtt un Däitschland ofgetrueden.

1839- Traité vun London: den Onofhängegkeetsstatut gëtt confirméiert, een Deel geht un d'Belsch, eist Land kritt seng häiteg Grenzen.

All Verloscht un Territoire hat och ëmmer een Afloss op d'Zesummesetzung vum lëtzebuurger Vollék.

Eist Nationalgefill ass duerfir erléischt an der Period 1839 bis 1945 entstanen ass.

D'Land ass an där Zäit an Etappen ëmmer méi autonom ginn, ëmmer méi- politesch-onofhängeg vun sengen groussen Noperen.

D'Fro vun der Nationalitéit ass och an den eenzelnen Verfassungen ugeschnidden ginn.

An der Constitutioun vun 1841 war d'Nationalitéit éischt Viraussetzung fir wielen ze dierfen an gewielt kennen ze ginn<sup>2</sup>.

1848 déi méi liberal Constitutioun duerch d' Aféieren vun enger konstitutionneller Monarchie an der Grënnung vun der Chamber. Dës Verfassung huet präziséiert dat d'Nationalitéit duerch d'Zivilgesetzter geregelt gëtt.

Nët zulescht d'Entwécklung vum Bauerestat zu enger Industrienatioun huet zu engem gréisseren nationalen Selbstbewosstsinn vum lëtzebuurger Vollek gefouert.

Am beschten verdäitlecht dat wuel de *Feierwon* vum Michel Lentz, deen 1859 fir d'éischt gesongen gouf. Do heescht et ënnert anerem:

*« Dat mir nun och de Wee hu fond, Zum éiweg grouse Völkerbond,*

*Kommt hier aus Frankräich, Belgie, Preisen, Mir wellen iech ons Hémecht weisen,»*

Mee eléischt déi däischer Zäit vum 2ten Weltkrich mat dem memorabelen Referendum vun 1941 huet eis als Natioun definitiv zesammengescheest. Jo et ass d'Resistenz vum lëtzebuurger Vollek géint den däitschen Nazioccupant déi den Prozess vun der nationaler Creatioun hei am Land ofgeschloss huet<sup>3</sup>.

---

<sup>2</sup> Article 3 : « Pour être ayant-droit de voter il faut : 1° Être Luxembourgeois de naissance ou naturalisé ». Article 6 : « Pour être éligible, il faut être Luxembourgeois de naissance ou naturalisé [...] »

<sup>3</sup> Gilbert TRAUSCH, De l'Etat à la Nation,, Allocution prononcée le 18 avril 1989 à l'occasion de la commémoration officielle du 150<sup>e</sup> anniversaire de l'indépendance du Grand-Duché de Luxembourg, (brochure édictée par la Banque générale du Luxembourg), Luxembourg, 1989, page 11, cité par, Denis SCUTO, La nationalité luxembourgeoise (XIXe –XXIe siècles), histoire d'un alliage européen, éditions de l'université de Bruxelles, 2012, page 24.

Härr President,

Dir gesidd –no dem kuerzem Exkurs iwwert d’Geschicht vun eisem Land- dass d’ Nationalitéit, also den Verbindung, de Lien tëschend dem Vollek an dem Staat *per se* evolutiv ass.

Sie haenkt vun den politeschen an awer och den ekonomeschen Emstaenn of.

An dat zielt besonnesch fir d’lëtzebuenger Nationalitéit.

Dat erklärt och firwat déi jeeweileg Gesetzgebungen bei eis je no Zäit ganz ënnerschiddlech Konditiounen-meschtens restriktiv- fir den Erwerb vun der lëtzebuenger Nationalitéit virgesinn hunn.

Den Historiker Denis Scuto schreiw t an dem Kontext a sengem Buch « *La nationalité luxembourgeoise (XIXe-XXIe siècles)* » dat d’Evolutioun vun der Legislatioun iwwert d’Nationalitéit hinn an hier gerass ass tëschend engersäits enger protektionnistescher Approche an anerersäits enger pragmatescher méi opgeschlossener Approche<sup>4</sup>.

D’protektionnistesch Approche geet Hand an Hand mam identitären Debat, während déi méi pragmatesch Approche sech drëms suert wéi d’Nëtlëtzebuegrer am Beschten an eis Kommunitéit kënnen integréiert ginn.

D’Nokrichszäit bis 1968 stoung ënnert dem Afloss vun engem éischer restriktiven Gesetz. Et ass drëms gangen Arbechtskraft aus dem Ausland ze kréien awer se net hei zu Lëtzebuerg ze halen.

Esou huet eng lëtzebuergesch Fra déi en Italiener bestued huet hir lëtzebuergesch Nationalitéit verluer. Et gong drëms à tout prix déi duebel Nationalitéit ze evitéieren. Déi gefuerdert Residenzzäit war deemols 10 Joër.

D’Gesetz vum 22. Februar 1968 gouf am Kontext vun der Europäescher Gemeinschaft ugeholl.

Et setzt notamment d’Residenzklausel vun virdrun 10 op 15 Joer erop, an daat fir d’Assimilatioun vun den Nëtlëtzebuegrer besser ze garantéieren.

1975 koum dun een méi liberalt Gesetz. Et verschwënnt d’Diskriminatioun vun den Lëtzebuengerinnen déi hir Nationalitéit duerch en Mariage mat engem Friemen verléieren.

D’Gesetz vun 1975 ass ënnert dem Androck vum héigen Immigratiounstaux geholl ginn, a gesäit en Paradigmewiessel vir.

---

<sup>4</sup> « Elite-driven » ou « electorate-driven », instrument d’une politique d’intégration ou instrument d’une politique d’identité, ouverture ou méfiance à l’égard des étrangers ».

D'Residenzkläusel geet vun 15 Joër op 10 Joër erëm erof. A verschiddenen Fäll ginn esouguer 5 Joer duer.

Den Rapporteur Eugène Schaus haelt als Grond duerfir demols fest « *Comme en présence des besoins constants en main d'oeuvre étrangère nous devons avoir à coeur d'éviter la constitution de trop fortes minorités nationales préjudiciable à la paix sociale, nous avons tout intérêt à faciliter l'intégration de ceux des étrangers vivant chez nous et qui s'y sentent chez soi. Or, il n'y a pas de doute que l'intégration se fait le plus facilement à un âge relativement jeune. La commission juridique approuve l'objectif poursuivi par le gouvernement et propose en conséquence d'abaisser la durée de la résidence exigée au pays pour l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise tant par voie de naturalisation que par voie d'option* »<sup>5</sup>.

D'Nationalitéit gëtt net méi ugesinn fir déi déi do sinn ze protegieren, mä fir déi déi kommen an eis Kommunitéit ze integréieren.

D'Gesetz vum 11. Dezember 1986 mécht den Accès zu der lëtzebuerger Nationalitéit weider op an deem et zur Gläichstellung tëschend Fraen a Männer kennt wat d'Transmissioun vun hirer Nationalitéit un d'Kanner ugeet<sup>6</sup>. D'Gesetz berout awer och op enger nei entflamten identitärer Debatte.

Eisen Sproochenregime vun 1984 gesäit vir « *La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois* ».

Ënnert dësem Androck ass och den Debat ëm d'Gesetz vun 1986 gefouert ginn.

Sollt d'Maîtrise vun der lëtzebuerger Sprooch zur Konditioun ginn fir Lëtzebuerger ze ginn ?

Deemols ass dëss Léisung op Gronn vun engem minoritären Avis vum Statsrot net zrëckbehalen ginn<sup>7</sup>. Gläichzäiteg ass eng aaner Revendikatioun, nähmlech d'Erofsetzen vun der Residenzkläusel vun 10 op 5 Joer och net zerëckbehalen ginn.

Mam Gesetz vum 24. Juli 2001 kënnt et zu enger weiderer Oplockerung vun den Naturaliséierungskonditiounen.

---

<sup>5</sup> Projet de loi 1313, Rapport de la Commission juridique, 5 mars 1975, page 27.

<sup>6</sup> L'article 1<sup>er</sup> dispose que « [S]ont luxembourgeois: 1° l'enfant né, même en pays étranger, d'un auteur luxembourgeois, à condition que la filiation de l'enfant soit établie avant qu'il ait atteint l'âge de dix-huit ans révolus et que l'auteur soit Luxembourgeois au moment où cette filiation est établie [...] ». L'article 2 de la loi du 26 juin 1975 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise prévoyait que « Acquiert la nationalité luxembourgeoise: 1° l'enfant naturel dont la filiation est légalement constatée pendant sa minorité, lorsque l'auteur à l'égard duquel la filiation a d'abord été établie, est Luxembourgeois au jour de l'acte de reconnaissance ou du jugement déclaratif de filiation; Si la filiation résulte à l'égard du père et de la mère d'un même acte ou d'un même jugement, elle est réputée avoir d'abord été établie à l'égard du père ».

<sup>7</sup> Projet de loi 2898, avis du Conseil d'Etat du 7 mai 1985 : « Pour toutes ces raisons les auteurs de l'avis séparé se prononcent en faveur de la condition de l'assimilation suffisante, telle qu'elle est formulée dans la loi en vigueur, dont l'appréciation permet d'englober parmi d'autres aspects importants également la connaissance du luxembourgeois sans pour autant conférer à cette dernière condition un caractère exorbitant et prohibitif ».

D'Residenzklausel gëtt vun 10 op 5 Joer erfrogesat.

Gläichzäiteg muss den Antragsteller op mannst eng vun den offiziellen Sproochen (Däitsch, respektiv Franséisch) beherrschen. Hien muss zousätzlech Basiswëssen am Lëtzebuergeschen virweisen kënnen.

Mam Vote vum Gesetz vun 2001, huet d'Chamber eng Motioun ugeholl an där d'Regierung opgefuerdert gëtt den Terrain virzebereden fir een Debat iwwert déi duebel Nationalitéit.

Resultat dovunner war den Rapport « *Citoyenneté multiple et nationalité multiple au Grand-Duché de Luxembourg* »<sup>8</sup> vun den Professerren Delperee an Verwilghen deen als Basis gedéngt huet fir d'Gesetz vun 2008 iwwert deem seng Evaluatioun mir haut debattéieren.

Am Verglach zu allen aneren Reformen déi am 20. Jorhonnert ënnerholl goufen, ass d'Gesetz vun 2008 sécherlech déi bedeitenst.

Zanter jee huet den lëtzebuergesche Legislativ versicht den Phenomän vun der duebeler Nationalitéit ze ënnerbannen.

2008, huet d'Chamber eng 180° Kéier geholl. Ënnert dem Androck vun der economescher an demographescher Evolutioun gouf den Zougank zu der lëtzebuergescher Nationalitéit weider opgemaach.

Et gong politesch ëm d'Erhalen vun engem ganz speziellen lëtzebuergeschen Modell: dem Modell vun engem klengen Land an deem méi wéi 170 verschidden Nationalitéiten beieneen a mateneen liewen, an zesummen zum Wuelstand vun eisem Land a vun eis all bäidroen !

Haut wunnen méi wéi 524.000 Leit am Grand-Duché. Dovunner sinn der 295.000 Lëtzebuergeschen an 229.000 Ausländer.

Zanter der Industrialiséierung vun eisem Land sinn mer en Land vun der Immigratioun. Mir sinn en Land dat nëmmen kann duerch eng staark Immigratioun seng Economie a säin Sozialmodell oprecht erhalen.

D'Fro vun der Nationalitéit stellt sech do an engem ganz speziellen Kontext.

Et geet drëms d'Zukunft esou ze gestalten dat d'Vollek dat zu Lëtzebuerg lieft och d'lëtzebuergesche Vollek ass. Et geet drëms den Lien zwëschent dem Vollek an dem Staat oprecht ze erhaalen an dat op laang Zäit.

Här President,

Dir selwer waart Rapporteur vum Gesetz vun 2008. Deemools hutt dir an ärem schrëftlechen Rapport den Deputéierten René Blum zitéiert deen schonns 1939 gesot huet « *l'Etat a intérêt à accroître le plus possible le nombre de ses nationaux en assimilant tous ceux qui*

---

<sup>8</sup> Louvain-La-Neuve, janvier 2004.

naissent sur son territoire“ afin „d’empêcher la constitution de colonies d’étrangers dans notre pays“.

An genau dat ass d’Ziel vun der duebeler Nationalitéit.

Huet d’Gesetz vun 2008 dëst Ziel ereecht? D’Änwert ass kloer Jo !

2008 hunn 1.215 Leit sech naturaliséieren gelooss. Dat Joër drop hunn 4.022 Leit sech naturaliséieren gelooss.

2009 an 2010 woren d’Haaptinteressenten 1. d’Portugiesen, 2. d’Italiener, 3. déi Däitsch, 4. d’Fransousen, 5. d’Belge.

Nach eng aner Zuel: 2008 sinn 2.470 Kanner als Lëtzebuenger gebuer ginn an 3.126 Kanner sinn als Nötlëtzebuenger op d’Welt komm.

2011, also ënnert dem Afloss vum Gesetz vun 2008, sinn 3.000 lëtzebuenger Kanner op d’Welt komm an 2.639 Nötlëtzebuergesch Kanner.

Wann mir haut iwwert d’Nationalitéitengesetz debattéieren, dann ass dat net an aller éischer Linne méi en *immigratiounspoliteschen* Debat mä eng *integratiounspolitesch* Fro.

Haut sinn méi ewéi Dräivéierel vun den Nötlëtzebuenger déi am Land liewen Leit aus europäeschen Memberstaten. Sie profitéieren vun den Grondfräiheeten vun der EU.

Daat heescht si kënnen sech fräi zu Lëtzebuerg beweegen an si kënnen sech hei etabléieren fir ze schaffen.

Am Kloertext heescht dat, dass si d’lëtzebuenger Nationalitéit iwwerhaupt net brauchen fir bei ons ze liewen !

Duerch déi europäesch Citoyennetéit kennen d’EU Bierger och eng Partie politesch Rechter hei zu Lëtzebuerg ausüben wéi z.B. d’Recht bei den Gemengen-an Europawahlen ze wielen oder gewielt ze ginn.

Si hunn och e Recht op eng diplomatesch Protektioun wann se ausser der EU en Problem hunn an z.B. bei der lëtzebuenger Ambassade ëm Hëllef froen.

Dës Rechter gëllen och fir Lëtzebuenger déi am EU-Ausland oder soss op der Welt liewen.

Wat ass an deem Kontext iwwerhaupt nach den Intérêt, besonnesch fir en EU-Bierger, fir d’lëtzebuenger Nationalitéit unzehuelen ?

D’Haaptgrënn fir d’lëtzebuenger Nationalitéit unzehuelen sinn éischer praktescher Natur.

D’Leit wëllen sech besser an der Aarbechtswelt integréieren, si wëllen, wann se net EU-Bierger sinn, fräi reesen kennen, si wëllen beim Staat eng Plaz fannen, si wëllen sech besser an d’Veräinsliewen integréieren, si wëllen hir Situatioun hei zu Lëtzebuerg ofsécheren an

stabiliséieren ouni awer d'Nationalitéit vun hierer Heemecht ze verléieren. Dat heescht nët dat déi Leit keen affektiven Lien zu Lëtzebuerg haetten. Mee sie wëllen- grad wéi mir och- hier Wuerzelen nët leegenen.

Am Rapport Delpérée an Verwilghen steet dat « *La citoyenneté multiple est, dès à présent un fait. La nationalité multiple est un autre fait. Ni le Grand-Duché de Luxembourg, ni aucun autre Etat, européen ou non européen, ne sauraient lutter contre un phénomène tout à la fois politique et social qui caractérise des sociétés contemporaines de plus en plus perméables aux influences extérieures. Par contre, il revient sans aucun doute au Grand-Duché de Luxembourg, comme aux autres Etats, de reconnaître ce mouvement, de le canaliser (...) pour que les effets pervers du système de citoyennetés et de nationalités multiples n'en perturbent pas le développement ou ne génèrent pas de tels inconvénients qu'ils en compromettraient l'équilibre* ».

**Aus all denen Grënn steet d'CSV Fraktioun- nach wie vor- kloër hannert dem Prinzip vun der duebeler Nationalitéit wéi se ënnert dem demolegen Justizminister Luc Frieden agefouert gouf.**

Haerr President,

Wéi ass dann d'Positioun vun der CSV Fraktioun zu den eenzelene Konditiounen déi fir den Erwerb vun der lëtzebuenger Nationalitéit spillen.

D'Gesetz vun 2008 verlaangt dräi Haaptkonditiounen fir Lëtzebuenger ze ginn :

- d'Verstoen an d'mëndlech Beherrschen vun der lëtzebuenger Sprooch ;
- een Grondwëssen vun den lëtzebuenger Institutiounen an ;
- eng onënnerbrachen Residenzzäit vun 7 Joer virun der Naturaliséierungsdemande.

*Eische Fro : d'Sproochkenntnisser am Lëtzebuergesch*

D'Sprooch ass een wichtegen Aspekt vun der qualitativer Integratioun, d.h d'Bedelegung un den economeschen, sozialen, politeschen Strukturen vum Land.

Lëtzebuergesch kënnen ass sécher keng *conditio sine qua non* fir hei ze schaffen an ze liewen. Mir sinn en Land wat dräi offiziell Sproochen huet.

*Economesch* gesinn ass d'Haaptsprouch jo bekanntlech an deem Beräich d'Franséisch, respektiv d'Englescht.

Wat den *sozialen* Volet betrëfft geht d'Integratioun jo oft iwwert d'Veräinswelt wou d'Leit um lokalen Niveau mat hiren Matbierger a Kontakt kommen. Een deen Lëtzebuergesch kann huet dann natierlech direkt eng Barrière manner !

Wat den *politeschen* Volet ugeet, esou ass lëtzebuergesch Sprooch den haapt Kommunikatiounsvehicel vun politeschen Ideen, Rieden, Programmer, Debat'en answ.

Och wann d'Parteien vill Effort'en maachen fir d'Nëtletzebuenger an hier politesch Strukturen ze integréieren an och mat an d'Gemengewahlen ze huelen, geet awer kaum e Wee laanscht d'Letzebuergesch dat jo nach ëmmer d'Sprooch vum Wieler ass.

Letzebuergesch ass nët onbedéngt eng Viraussetzung fir kënnen wielen ze goen. D'Parteiprogramme sinn oft op e puer Sproochen. Mä et ass eng Konditioun fir kënnen gewielt ze ginn.

Am Endeffekt, an wäit iwwert all ekonomesch, sozial an politesch Consideratiounen ass ët schliesslech den Effort fir d'Sprooch ze léieren dat d'Zeechen ass fir sech wierklech wëllen an eis Gesellschaft ze integréieren.

Wéi sympathesch ass ët dach vun engem Amerikaner oder Hollänner ze héieren dass deen wëllt mat Iech Letzebuergesch schwaetzen?

**Fir d'CSV Fraktioun bleiwt dofir d'Verstoen an d'Schwaetzen vun der lëtzebuenger Sprooch-am Sënn vun der Integratioun- eng Konditioun fir eis Nationalitéit ze kréien.**

Här President,

D'Gesetz vun 2008 verlaangt en gewëssenen Niveau am Beherrschen vun der lëtzebuenger Sprooch deen duerch en Sproochentest gepréift gëtt.

Fir d'Verstoen ass dat den Niveau B1 vum europäeschen Referenzkader fir Sproochen. Dat heescht et muss een sech am alldéiglechen debouilléieren kennen<sup>9</sup>.

Am mëndlechen muss een den Niveau A2 vum europäeschen Referenzkader hunn. A2 entsprécht engem Niveau wou een kann an kuerzen an einfachen Sätz seng eegen Situatioun beschreiwen<sup>10</sup> an et muss een och een klengt Gespréich féieren kennen<sup>11</sup>.

Een objektiven Sproochentest gëtt duerch den Institut des Langues organiséiert. Ronn 70% vun den Leit packen den Sproochentest. 20 % hunn een oder deen aneren Rattrapage an 10% packen den Test guer net.

**Fir d'CSV Fraktioun sinn déi zwee Sproochenniveauen aus der Gesetzgebung vun 2008 wichteg fir op Lëtzebuergesch ze kommunizéieren.**

---

<sup>9</sup> B1 « Utilisateur indépendant : *Peut comprendre les points essentiels quand un langage clair et standard est utilisé et s'il s'agit de choses familières dans le travail, à l'école, dans les loisirs, etc. Peut se débrouiller dans la plupart des situations rencontrées en voyage dans une région où la langue cible est parlée. Peut produire un discours simple et cohérent sur des sujets familiers et dans ses domaines d'intérêt. Peut raconter un événement, une expérience ou un rêve, décrire un espoir ou un but et exposer brièvement des raisons ou explications pour un projet ou une idée* ».

<sup>10</sup> « Je peux utiliser une série de phrases ou d'expressions pour décrire en termes simples ma famille et d'autres gens, mes conditions de vie, ma formation et mon activité professionnelle actuelle ou récente ».

<sup>11</sup> « Je peux communiquer lors de tâches simples et habituelles ne demandant qu'un échange d'informations simple et direct sur des sujets et des activités familiers. Je peux avoir des échanges très brefs même si, en règle générale, je ne comprends pas assez pour poursuivre une conversation ».



**Mir wëllen sie dofir bäibehalen. Mir wëllen d'Niveauen nët erofsetzen.**

**Fir d'CSV Fraktioun sollen d'Sproochenkenntnisser och weiderhin duerch een objektiven Sproochentest gepréift ginn. Mir wëllen awer nët dat fir deen, deen wierklech wëllt Lëtzebuurger ginn d'Sprooch zu enger definitiver Barrière gëtt fir d'Nationalitéit ze kréien.**

**Mir kënnen dofir mat op de Wee goen fir den Sproochentest an Zukunft méi labber ze gestalten an een Kompensatiounsystem tëschend mëndlechen Kenntnisser an dem Verstoen vun der Sprooch anzeféieren.**

**Wann een hei zu Lëtzebuerg 7 Joër an d'Schoul gaangen ass dann brauch een keen Sproochentest ze machen.**

**Leit déi méi wéi 25 Joër am Land wunnen sollen och keen Sproochentest mussen machen.**

**Schwéier Behënnert sollen vun dem Sproochentest kënnen dispenséiert ginn.**

Här President,

*Zweeten Fro: D'Grondkenntnisser vun den Institutiounen*

D'Gesetz vun 2008 gesäit fir dass dejéingen deen wëllt Lëtzebuurger ginn muss opmannst 3 sougenannt Civiqueskursen machen.

**D'CSV Fraktioun wëllt dës Conditoun esou bäibehalen. D' Grondkenntnis vun den lëtzebuurger Institutiounen an den fundamentalen Rechter an Pflichten an eiser Gesellschaft ass fir eis eng Viraussetzung fir d'lëtzebuurger Nationalitéit kënnen ze kréien.**

Haerr President,

*Drëtten Fro: d'Residenzklausel*

Fir kënnen Lëtzebuurger ze ginn, muss een dem Gesetz vun 2008 no, 7 Joër onnënnerbrach virum Naturalisatiounsangriff am Land gewonnen hunn.

Ass dat haut nach ubruecht ?

*Eischt Bemierkung.* Mam Nationalitéitsgesetz vun 2001, sinn mer vun 10 op 5 Joër erof gaangen mam Argument dat d'Residenzklausel fir d'Naturalisatioun der Residenzklausel vun der Optioun fir Lëtzebuurger ze ginn, soll ugepasst ginn.

Am Kontext vun der duebeler Nationalitéit sinn mir dunn mam Gesetz vun 2008 vun 5 Joër op 7 Joër Residenzzäit eropgangen.

Haut gëtt et keng Optionsméiglechkeet fir d'Nationalitéit méi, just nach Naturalisatioun.

D'Residenzdauer vun 5 Joer ass awer an dem Wahlgesetz erëmzefannen fir bei den Gemengewahlen wielen ze dierfen.

*Zweeten Festellung.* D'Beruffswelt zu Lëtzebuerg bewegt sech an enger schnellieweger Zäit. Den gréissten Deel vun Nötlëtzebuenger déi hei am Land wunnen an schaffen sinn EU-Bierger.

Déi Leit sinn berufsbedingt mobil.

Dat heescht dat se oft schonn virun dem Oflaf vun den 7 Joer erëm an d'Ausland ginn fir do z.B. eng aner Aarbecht ze maachen.

Et kann och sinn dat een ëmmer hei zu Lëtzebuerg gelieft huet. Dunn awer fir e puer Joer huet missten an d'Ausland goen fir do ze schaffen an duerno erëm zréck op Lëtzebuerg komm ass.

Dës Persoun muss haut, obschonn se hir ganz Kandheet a Jugend zu Lëtzebuerg verbuecht huet, erëm 7 Joer waarden fir eis Nationalitéit ze kréien.

**D'CSV Fraktioun ass dofir gewëllt dësen legalen wéi och prakteschen Consideratiounen Rechnung ze droen an d'Residenzdauer op 5 Joer erfzesetzen.**

**Fir CSV Fraktioun kann een dofir d'lëtzebuenger Nationalitéit kréien wann een 5 Joër am Land gewunnt huet, an Lëtzebuergesch zur genügend kann schwaetzen an verstoen an déi néideg Kenntnisser vun eisen institutionen an elementaren Biergerrechter an Pflichten huet.**

Här President,

Den Minister proposéiert zousaetzlech nach eng Rëtsch aaner Adaptatiounen an besonnesch d'Aféieren vun enger Partie Regeln déi aus dem sougenanten *ius soli* kommen.

Dat heescht dass een d'lëtzebuenger Nationalitéit kritt well een hei am Land gebuer gouf.

De Moment spillt den sougenannten *ius soli*-den *droit du sol*- zu Lëtzebuerg nëmmen an limitéierten Faell!

E Kand wat hei gebuer ass, an deem seng Elteren Nötlëtzebuenger sinn mä wouvunner awer een Elterendeel hei gebuer ass, ass Lëtzebuenger!

Dat sinn déi sougenannten Lëtzebuenger aus zweeter Generatioun.

Desweideren ass een Kand wat zu Lëtzebuerg gebuer ass an deem seng Elteren net bekannt sinn- Lëtzebuenger.

Oder e Kand dat aus diversen Grënn keng Nationalitéit huet, an dat hei gebuer ass, ass Lëtzebuenger.

Lëtzebuenger ass och deen deen virun 1920 hei gebuer ass.

**Prinzipiell ass d'CSV Fraktioun éischer reservéiert géintwuer dem Prinzip vun dem ius soli –dem droit du sol. Mir kënnen awer mat op de Wee goen fir Leit déi zwar zu Lëtzebuerg gebuer goufen an awer nët Lëtzebuurger sinn den Accès zu eiser Nationalitéit ze erlichteren. D'Leit, déi déi gesetzlech Bestëmmungen vun dem ius soli erfëllen, sollen dann d'Nationalitéit kënnen ufroen iwwert eng einfach Declaratioun beim Officier d'Etat civil vun der jeweiliger Gemeng.**

Här President,

D'Geschicht vun eisem Land weist dat mir eist Nationalitéitengesetz mussen evolutiv betruechten.

Et kommen permanent Leit op Lëtzebuerg liewen an schaffen. Mir sinn gewollt oder ongewollt mat enger Integratiounsfro beschaeftegt.

Mir müssen eis daer Fro am Geescht vun der Zäit stellen.

Mir kënnen eis net vun Europa, vun der Welt ofkapselen andeems mer eng restriktiv Politik maachen, an deems mer versichen vun den Leit hirer Arbechtskraft ze profitéieren ouni hinnen awer d'Méiglechkeet ze ginn aktiv un der Gestaltung vun eiser Gesellschaft matzewierken.

Dofir, hun mir als lëtzebuurger Land an Bierger-een eegenen Intérêt deenen Leit déi hei liewen an schaffen, déi wëllen d'lëtzebuurger Nationalitéit kréien- jo sech wëllen integréieren- den Zougank zur Nationalitéit méi onkomplizéiert ze machen.

Dat heescht nët dat mir keng Exigenzen méi mat der Nationalitéit verbannen.

Dofir ass fir d'CSV Fraktioun niewent enger gewësser Residenzdauer d'Haptkonditioun déi vun eiser Sprooch.

Eis Sprooch, d'Lëtzebuergesch ass fir vill Leit déi hei am Land liewen d'Mammesprooch.

Et ass fir vill vun eis den wichtigsten Aspekt vun der lëtzebuurger Identitéit.

Net fir näischt gëtt op dem nationalen Commemoratiounsdag all Joërs grad un den Referendum vum 10ten Oktober 1941- en Eckdat vun der Geschicht vun eisem Land geduecht- wou 97% vun den Leit deemols gesot hun hier Sprooch wier Lëtzebuergesch.

An och haut-méi wéi 70 Joër duerno, schwaetzen mir hei an der Chamber grad wéi an eisen Gemengeréit-als Verrieder vum Vollék, Lëtzebuergesch !

Dofir ofschléissend Haerr President, am Numm vun der CSV Fraktioun am Telegramstil folgend Positivtoun zu den Kritären fir d'lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien:

**-Jo zur lëtzebuenger Sprooch mat Sproochenniveau a Sproochentest esou wéi se haut virgesinn sinn, mee Méiglechkeet fir ze kompenséieren tëschen der Sprooch schwaetzen an se verstoen;**

**-Jo zu enger Residenzklausel vun 5 Joer-mir sinn op bei der Fro op dës Period kann zäitlech ënnerbrach sinn virum Antrag op d'lëtzebuenger Nationalitéit-;**

**-Jo zu den Grondkenntnisser vun den lëtzebuenger Institutiounen an vun den Grondfreiheeten an Pflichten an eisem Land;**

**-Jo zu enger vereinfachter Prozedur fir d'Nationalitéit op Grond vun dem ius soli ze kréien; prinzipiell muss den droit du sol d'Ausnahm bleiwen, enger punktuell Upassung vun den aktuellen Bestëmmungen verschléissen mir eis dofir nët;**

**-Jo fir dem Justizminister ënnert der Kontroll vun de Richter méi Befugnisser ze ginn fir d'Naturalisatioun ze refuséieren wann den Antragsteller nët déi néideg Honorabilitéit huet;**

**-Jo fir déi sougenannten Virfahrenregel mam aktuellen Datum vum 31ten Dezember 2018 auslafen ze loossen;**

**-Jo fir d'Sträichen vun den Artikelen 8 an 9 aus dem aktuellen Gesetz déi virgesinn dass een an aussergewöhnlechen Faell am Interessi vum Land kann per Gesetz d'lëtzebuenger Nationalitéit kréien, well den legislativen Pouvoir vun der Chamber ass souverän mat oder ouni gesetzlech Habilitatioun.**